

Préface Monsieur Paul H. Lorenz - President vum Comité des Fêtes vun der Stad Gréiwemaacher

Wëllkomm - Welcome - Bienvenue - Willkommen - Bem-vindo - Witamy - Wëllkomm

... den 7., 8. an 9. September op dem 69. Gréiwemaacher Drauwen- a Wäifest an der Muselmetropol! Gréiwemaacher steet dann nees ganz am Déngscht vun der Promotioun vun der Lëtzebuurger Musel, dem Lëtzebuurger Wäin a Crémant.

Mir feiere méttlerweil dat 69. Fest, eng Traditioun déi hiren Ursprung an enger Initiativ vun e puer engagéierten a wäitsiichtegen Idealisten an den direkten Nokrichsjoren huet. Hu sech och d'Fest, de Festprogramm an d'Organisatioun iwwert d'Jore vill verännert, deemools wéi haut, war d'Suerg, eise Wënzer ze hëllefen, hire Wäin wäit iwwert eis Grenzen eraus bekannt ze maachen an ze verkafen.

De Gilles Estgen, President vum ORT Région Moselle, huet virun zwee Joer an sengem Virwuert zu eisem Fest déi berechtigt Fro opgeworf, op an engem digitalen Zäitalter, en traditionellt Wäifest nach eng Iwwerliewenschance an eng Dosinnsberechtigung hätt. Hien huet gläich seng Äntwert matgeliewert. E kloer JO, besonnesch am Zesammenhang mat der Promotiounsefforte vun a fir eist Land, der Muselregioun an hire Produiten!

Di Responsabel sinn sech all eens, datt d'Lëtzebuurger Wäikinnigin eng wichteg Actrice an der Promotioun an an der Kommunikatioun vun der Regioun no baussen ass. An hirer Funktioun gëtt d'Lëtzebuurger Wäikinnigin der Lëtzebuurger Musel, der Regioun an de Wënzer e Gesiicht.

Et c'est également dans cet esprit que s'inscrivent toutes les activités et initiatives poursuivies de manière proactive par le Comité des Fêtes de la Ville de Grevenmacher depuis bien plus d'un demi-siècle en pur bénévolat.

La fête que nous nous apprêtons à célébrer ne peut être réalisée que grâce à des dons de sponsors et de particuliers généreux, tout comme elle n'en est que la partie communément visible de notre participation aux activités de promotion de la région au Luxembourg et à l'étranger. Si d'année en année notre fête continue à attirer des milliers de spectateurs et de fidèles des crémants et des vins luxembourgeois, c'est qu'elle est impressionnante de par la richesse du programme le weekend de l'intronisation officielle de la Reine du Vin.

Nodeem d'Jana Steuinbach elo e ganz Joer d'Regioun mat vill Charme a Wëssen doheem an dobaussen a senger Funktioun als Lëtzebuurger Wäikinnigin vertraueden huet, iwwerhëlt d'Sophie Schions mat senger Prinzessinnen den 7. September d'Roll vun der Ambassadrice vum Lëtzebuurger Wäibau fir dat kommend Joer.

Mein ganz persönlicher Dank gebührt sicherlich der Weinkönigin Jana für ihre an die 400 professionellen Auftritte in fünf Jahren im Dienste des Luxemburger Moselweins. Dank gebührt aber genauso unseren Sponsoren und Freunden; ihr stetiges und großzügiges Zutun sind ein wesentlicher Garant des Amtes der Luxemburger Weinkönigin und des weiteren Bestehens des Festes der Feste an der Luxemburger Mosel.

Meine Anerkennung und meinen ganz besonderen Dank möchte ich all denen aussprechen, die sich an der Organisation und Ausführung der vielfältigen Tätigkeiten des Comité des Fêtes jahrein jahraus beteiligen. Dank deren Zutun wird auch das 69. Grevenmacher Trauben- und Weinfest ein mit Stolz und Freude erfüllendes Fest!

Freed a Pläséier vum Geleeschten an Erreechten, eng Freed déi mir alleguerte gäre géife mat lech den 7., 8. an 9. September deelen! Programmdétailler, a wéi Dir sécher a bequem mat dem öffentlechen Transport op eist Fest komme kënt, fannt Dir wéi ëmmer op eisem Site web www.cfg.events oder eise facebook Säiten.

Looking forward to welcoming you numerous!

Au plaisir de vous accueillir très nombreux!

Wir freuen uns, Sie recht zahlreich begrüßen zu dürfen!

Grato por vos receber!

Miło nam będzie Państwa gościć!

Mir freeën eis, fir mat Iech däerfen ze feieren!

Paul H. Lorenz

President vum Comité des Fêtes vun der Stad Gréiwemaacher